N° 8338
Entrée le 21.09.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 21.09.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. September 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an den Här Policeminister weiderzeleeden.

De 17. September huet RTL a Bezuch op eng Demonstratioun op der Paräisser Plaz dat hei geschriwwen: "*Bei enger Demonstratioun vun der Syrescher Communautéit géint den aktuelle Regime a Syrien, koum et zu Provokatioune vu Leit ausserhalb der Demo. Déi Provokatioune sinn eskaléiert, wouropshin 2 Persounen op engem Motorrad duerch d'Leit gefuer sinn an dobäi eng eeler Damm liicht verwonnt hunn. Dat huet zu Handgräiflechkeete gefouert, woubäi de presuméierten Täter eng Persoun mat engem Messer verwonnt huet. Déi huet musse medezinesch behandelt ginn. D'Leit, déi fir d'Provokatioune gesuergt hunn, konnten ermëttelt a protokolléiert ginn*".

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) War d'Eskalatioun bei där genannter Demonstratioun op e politeschen Hannergrond zeréckzeféieren a wa jo wéi een? Wéi eng Nationalitéit haten déi Leit, déi fir d'Eskalatioun verantwortlech waren?
2) A leschter Zäit liest een an der internationaler Press ëmmer rëm, datt et a Länner wéi beispillsweis Däitschland a Schweden verstäerkt zu importéierte Konflikter tëschent Migrante kënnt. Laangfristeg ass e klengt Land wéi Lëtzebuerg heifir natierlech besonnesch ufälleg. Wéi eng Moossnamen hëlt d'Regierung fir en Zesummestouss vun an hiren Hierkonftslänner politesch verfeindete Gruppe sou fréi wéi méiglech ze ënnerbannen? Wéi wäit gehéiert dozou och de Refus vun engem Openthaltsstatus fir Membere vu bestëmmte politesche Gruppéierungen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

N°8338
Entrée le 19.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Äntwert vun den Hären Jean Asselborn, Aussen- an Europaminister an Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 8338 vum 21. September 2023 vum honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser**

1) **War d'Eskalatioun bei där genannter Demonstratioun op e politeschen Hannergrond zeréckzeféieren a wa jo wéi een? Wéi eng Nationalitéit haten déi Leit, déi fir d'Eskalatioun verantwortlech waren?**

   Fir de Moment besteet nach kee konkreten Hiweis deen op ee politesch motivéierten Akt hiweist. Ee vun den Auteuren huet déi syresch Nationalitéit. D'Police kann aus prozeduralrechtleche Grënn keng Angab iwwer den zweeten Auteur liwweren.

2) **A leschter Zäit liest een an der internationaler Press ëmmer rëm, datt et a Länner wéi beispillsweis Däitschland a Schweden verstäerkt zu importéierte Konflikter tëschent Migrante kënnt. Laangfristeg ass e klengt Land wéi Lëtzebuerg heifir natierlech besonnesch ufälleg. Wéi eng Moossnamen hëlt d'Regierung fir en Zesummestouss vun an hiren Hierkonftslänner politesch verfeindete Gruppe sou fréi wéi méiglech ze ënnerbannen? Wéi wäit gehéiert dozou och de Refus vun engem Openthaltsstatus fir Membere vu bestëmmte politesche Gruppéierungen?**

   Sou wéi am Immigratiounsgesetz vun 2008 virgesinn, ass een Refus vum Openthaltsstatus just méiglech, wann déi gesetzlech Kriterien dofir erfëllt sinn an no enger individueller Iwwerpréifung vun der Situatioun vun der concernéierter Persoun.

Lëtzebuerg, den 19. Oktober 2023

Den Aussen- an Europaminister

(s.) Jean Asselborn